

Méi Lëtzebuergesch am Lycée!

An hire Reflexiounen vum 5. Juli 2016 zur Lycées-Reform huet déi National Schülerkonferenz („Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg“ - CNEL) ënnert anerem gefuerdert, datt d'Lëtzebuergesche Sprooch misst méi am Lycée valoriséiert ginn. Haut ass et jo esou, datt just op der 7e Lëtzebuergesch geléiert gëtt. D'CNEL encouragéiert de Ministère, doriwwer eraus, och e Lëtzebuergesch-Cours op de Klasse 6e a 5e, resp. 8e an 9e anzeféieren.

D'Actioun Lëtzebuergesch - Eis Sprooch (AL), déi sech zënter 45 Joer fir alles asetzt, wat Lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch (Art. 3 vun eise Statuten) kann sech deem nëmmen uschléissen. Mir félicitéieren déi jonk Leit fir dës Propositioun. Mir mussen op eis Jugend lauschteren, well si gesäit all Dag, wéi wichteg d'Lëtzebuergesch ass fir eng besser Integratioun an eis Gesellschaft. Grad hei zu Lëtzebuerg, wou en héije Prozentsaz vu Matbierger Net-Lëtzebuergesche sinn, ka méi Lëtzebuergesch am Alldag, wéi z.B. esou e Cours, an deem de Schüleriinnen a Schüler souwuel d'Sprooch wéi och d'Kultur vum Land méi no bruecht ginn, e wichtegen Apport leeschten. Mir hoffen a wënschen äis, datt den Appell vun eiser Jugend bei de Responsablen aus dem Ministère net op daf Ouere stéisst!

DE COMITÉ VUN DER ACTIOUN LËTZEBUGESCH - EIS SPROUCH



„Mir mussen op eis Jugend lauschteren, well si gesäit all Dag, wéi wichteg d'Lëtzebuergesch ass fir eng besser Integratioun an eis Gesellschaft“

Foto: Editpress